



CSV

... MAT MIR

# D'CSV, /// DAT ASS

## ENG PARTEI MAT TRADITIOUN,

gegrënnt 1914 an déif verwuerzelt mam Land a senge Leit.

## ENG PARTEI MAT ERFAHRUNG,

déi an der politescher Verantwortung wichteg Decisioune fir d'Land geholl a matgedroen huet.

## ENG PARTEI MAT ZUKUNFT,

déi op Innovatioun a Fortschrëtt sëtzt, a kloer Visiounen fir d'Land huet.

## ENG PARTEI FIR JIDDEREEN,

déi den Usproch Vollekspartei ze sinn eescht hëlt.

# D'CSV, /// DÁT SINN

**10300** Memberen

**1400** engagéiert Leit an de Comitée vu Partei an Ënnerorganisatiounen

**299** Vertrieder an de Gemengen- a Schäfferéit

**23** Deputéiert

**3** Europadeputéiert

**1** Member (Präsident) vun der EU-Kommissioun

# D'CSV

## /// AKTUELL

Ënner [www.csv.lu](http://www.csv.lu) fannt Dir dat Wichtigst op e Bléck : aktuell Neiegkeeten aus der Partei, Informatiounen iwwert eis Mandatairen an hir Aarbecht, all eis Aktivitéiten, politesch Kommentaren, eis Virschléi an nach viles méi...

Suivéiert d'CSV och op de sozialen Netzwierker Facebook an Twitter.

Liked, shared, retweet a kommentéiert. Sot eis Är Meenung. Schreift eis Är Froen. Mir wëllen et wëssen!



[Facebook.com/csv.lu](https://www.facebook.com/csv.lu)



[@CSV\\_news](https://twitter.com/CSV_news)



# GRAD ELO! MAT MAACHEN

MEMBER GINN

Numm \_\_\_\_\_ Virnumm \_\_\_\_\_

Beruff \_\_\_\_\_

Gebuertsdatum \_\_\_\_\_ Nationalitéit \_\_\_\_\_

Adress \_\_\_\_\_

PLZ \_\_\_\_\_ Uertschaft \_\_\_\_\_

E-mail \_\_\_\_\_ Tel \_\_\_\_\_

Den \_\_\_\_\_ / \_\_\_\_\_ / \_\_\_\_\_

Ze schécken un: CSV - B.P. 826 - L-2018 Lëtzebuerg /// E-mail [csv@csv.lu](mailto:csv@csv.lu) - Tel 22 57 31 1 oder schreift lech via  
Onlineformulaire an op [csv.lu/member-ginn](https://csv.lu/member-ginn)



## CSV ... MAT MIR

### Fränz Metz, 69 Joer

Fir de Fränz Metz steet de Kontakt mat de Leit ëmmer am Méttelpunkt. Esou ass hien zënter 22 Joer an der CSV zu Péiteng engagéiert fir de Leit nozelauschteren, op hir Suergen a Froen anzegoen. Et ass d'Méiglechkeet och fir déi „kleng“ Leit do ze sinn, déi d'Begeescherung vum pensionnéierten Elektriker fir d'Politik ausmécht. Als Sektionspresident läit him besonnesch d'Kollegialitéit a senger CSV-Equipe um Häerz.

„D'CSV, DAT SI VIRUN ALLEM LEIT. AN DÄR HUNN ECH DER VILL KENNEGELÉIERT A MENGER PARTEI. DÉI EENZEG RICHTEG VOLLEKSPARTEI. D'POLITIK MUSS JIDDEREEN EESCHT HUELEN“

Marthe



### **Marthe Schmit ép. Thix, 36 Joer**

Seng Proffen am Lycée an op der Uni hunn d'Marthe Schmit mat Sécherheet net vergiess. Schonns als Schülerin war hatt fir seng onbequem Froen a kritesch Meenunge bekannt. Do huet sech bei der Veterinärin haut näischt geännert. Als Mamm vun zwee klenge Kanner krut säi politeschen Engagement eng ganz nei Bedeitung. Méi wéi jee ass et him haut wichtig, sech an der Politik abréngen ze kënnen.

**D'CSV LAUSCHTERT NO, A LÉISST MEENUNGEN ZOU. MAT-MAACHE KA JIDDEREEN. DOROP KËNNT ET UN. NËMMEN ESOU KËNNE MIR D'ZUKUNFT FIR EIS KANNER VIRBEREEDEN"**

**CSV**

**... MAT MIR**

Jean-François



CSV

... MAT MIR

**Jean-François Schneiders, 24 Joer**

Leeschtung bréngen an an der Equipe respektvoll mateneen ëmgoen, dat verlaangt de Jean-François Schneiders als Spëtzesportler an op der Aarbecht net nëmme vu sech selwer. D'Uspréich vum jonken Ingénieur-technicien u seng Partei sinn net manner grous. Net laang ëm de Bräi schwätzen, mä Seriositéit, Kompetenz an déi néideg Wäitsiicht sinn d'Eegeschaften, déi fir hien an der Politik zielen.

**„D'CSV ASS ENG GUTT MËSCHUNG AUS ERFAHRUNG AN NEIEM WAND. ET GEET DORËMS, DÉI RICHTEG PROBLEMER VUM LAND ZE ERKENNEN AN OCH ZE LËISEN. JONKER BRAUCHE PERSPEKTIVEN“**



Monique



### **Monique Hermes, 64 Joer**

Den Déngscht um aneren. Esou kann een dem Monique Hermes säi Liewe resuméieren. Als Léierin huet d'Monique Jorzéngte laang probéiert, senge Schüler eppes mat op de Wee ze ginn. Fir d'Liewen. D'Politik gesäit déi laangjäreg Hobby-Journalistin a Musel-Korrespondentin als Verlängerung vun dësem Engagement.

**„D'CSV ASS ENG PARTEI MAT ENGEM ZOLIDDE FUNDAMENT. ECH MINGEN DOMAT EIS GE-MEINSAM WÄERTER. FIR MECH ASS DAT ENG WICHTEG ORIEN-TÉIERUNG“**

**CSV**

**... MAT MIR**

Elisabeth



## CSV ... MAT MIR

### Elisabeth Margue, 24 Joer

Engagéiert lech! Dëst wor den Opruff vu KZ-lwwerliewenden un déi jonk Lëtzebuerger Schüler, déi viru siewe Joer mat hirer Klass eng Visite vun Auschwitz gemaach hunn. Dëser Verantwortung huet sech déi jonk Droitsstudentin zënterhier an der CSV gestalt. An der Partei schätzt d'CSJ-Vizepresidentin déi vill interessant Erfahrungen a kontrovers Diskussiounen. Fir hatt geet et um Ënn dorëms, de beschte Kompromëss fir jidder-een ze fannen.

**„D'CSV STEET FIR VERSTÄNNEG LÉISUNGEN AN ZESUMME SCHAFFEN. MATMAACHEN HUET MIR ALS JONKE PERSÉINLECH IMMENS VILL BRUECHT. FIR EPPES ZE ÄNNEREN, MUSSE MIR EIS ENGAGÉIEREN“**



*Fernando*

### **Fernando Ribeiro, 46 Joer**

Sief et an der Famill, als Papp vun zwee Kanner, an der Fräizäit als Marathonleefer, op der Aarbecht oder an der Partei, eppes bréngt de Fernando Ribeiro net fäerdeg : einfach just nokucken ! Selwer agéieren, Initiativen ergräifen, als Bierger an der Gesellschaft aktiv sinn, ass fir de Stengeforter mat portugisesche Wuerzelen eng Selbstverständlechkeet. Virun 18 Joer war d'Entscheidung fir der CSV bäizetrieden dofir schnell geholl.

**„D'CSV ASS ENGAGÉIERT A SETZT OP ENGAGEMENT. MAT DISKUTÉIEREN A MAT ENTSCHIEDEN, DAT ASS WICHTEG FIR MECH. ESOU SOLL INTEGRATIOUN FONCTIONNÉIEREN“**



**... MAT MIR**

**CHRËSCHTLECH-SOZIAL VOLLEKSPARTEI**

4, rue de l'Eau /// L-1449 Luxembourg  
Boîte postale 826 /// L-2018 Luxembourg  
TÉL 22 57 31 1 /// FAX 47 27 16  
E-MAIL [csv@csv.lu](mailto:csv@csv.lu) /// SITE [csv.lu](http://csv.lu)

**CSV** ... MAT MIR